Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng
B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 1. Juli 2017

DEN FRANCOIS DIEDERICH

Zu Diddeleng den 29. Januar 1913 gebuer, koum den François Robert DIEDERICH deen ëmmer "Bubbes" an den Scouten geruff gouf an mat sengem Brudder Jean-Jacques an den zwanzeger Joeren vum leschten Joerhonnert als Bouf bei d'Peaux-Rouges an vun do un war hien an eise Reien an sollt fir ëmmer bleiwen.

Während deenen ongeféier 50 Joer wou hien Member wor huet hien all méiglech Chef-Funktiounen bekleet an vun 1945 bis 1961 war hien President an vun 1961 bis 1979 Vize-President an Sekretär vun eisem Comité. Am Joer 1946 huet hien zesummen mam Raymond genannt "Töff" THEVENIN, deen gläichaltreg mat him wor, den Woodbadge gemat. Hien huet an den sechzeger an an den siwwenzeger Joeren missen mat erliewen wéi et mat den Peaux-Rouges staark den Bierg erof gaangen ass, mee déi batter Joeren wou den Grupp bal all Aktivitéit agestallt hat vun 1979 bis 1984 huet hien nett méi erlieft esou gutt wéi och den Nei-Ufank 1984. Zesummen mat sengem Brudder Jean-Jacques wor hien awer ëmmer en Häerzsteck vun eisem Grupp an huet ni opginn.

Berufflech wor hien zäitliewens en bekannten Diddelenger Schoulmeeschter. Bestuet wor den François mam Barbe Elise BAILER a Papp vun engem Jong, dem Jean-Pierre, deen onglécklecherweis schonn den 1. Oktober 1979 am Alter vun nëmmen 37 Joer virun sengem Papp gestuerwen ass. Den "Bubbes" huet eis dunn och am Alter vun 66 Joer op Chrëschtdag 1979 fir ëmmer verlooss. Hien wär haut bestëmmt extra houfreg fir säin Grupp erëm esou staark ze gesinn.

****